1-2021-O-X-7047-01 (n°3824)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Tratten, den 31. Mäerz 2022

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et an der Radiodiagnostik zënter Joren e Manktem u Capacitéiten am Land gëtt, zemools wat den IRM ugeet. Mat deementspriechend laange Waardezäite fir e Rendezvous ze kréien.
- den IRM an aner radiodiagnostesch Servicer zu Lëtzebuerg weider just a Spideeler fonctionéieren, dat well d'Gesondheetsministesch de Betrieb vun ambulante medezinesche Strukture blockéiert.
- d'Cour constitutionelle tranchéiert huet, datt technesch Apparater am Kader vun der Radiologie och däerfen an Doktesch-Cabineten installéiert ginn.
- déi éischt radiodiagnostesch Praxis vum Land, am Centre Médical Potaschbierg, mat IRM, Scanner a Röntgenapparat, prett ass fir hir Dieren den 1. Abrëll opzemaachen, an déi deementspriechend Autorisatioune vun der ITM an der Santé virleien.
- d'Gesondheetsministesch trotzdeem keng Autorisatioun fir des an aner radiodiagnostesch Servicer baussent de Spideeler gëtt, dat mam Argument datt fir Tariffer a Remboursement ze reegelen nach e Gesetz ausgeschafft misst ginn.
- grad den Oste vum Land benodeelegt ass wat radiodiagnostesch Servicer ugeet.

fuerdert d'Regierung op,

- fir de Betrib vun der Radiodiagnostik am Centre Médical Potaschbierg direkt zouzeloossen, an déi nämmlecht Tariffer anzeféiere, wéi se de Moment an de Spideeler am Land praktizéiert ginn, dat op d'mannst esou laang bis déi definitiv Tariffer mat der AMMD ofgeschwat a gesetzlech definéiert goufen.

J Engelen

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742